LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Luxembourg, le 01 JUIL. 2020

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYSENBURG
☎ 247 - 86710

REÇU
Par Alff Christian , 17:00, 01/07/2020

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2338 Luxembourg

Objet: Réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias et de Monsieur Pierre GRAMEGNA, Ministre des Finances à la question parlementaire n°2250 du 20 mai 2020 de Monsieur le Député Sven CLEMENT au sujet « Infrastructures critiques »

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n° 2250 du 20 mai 2020 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréez, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg
Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015
info@mediacom.public.lu
www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Medien- a Kommunikatiounsminister, a vum Här Pierre Gramegna, Finanzminister, op d'parlamentaresch Fro No 2250 vum Här Deputéierten Sven Clement**

---

1. *Wéi sinn d'Nimm vun de klassifizéierten OSEen ?:*

Aus Sécherheetsgrënn ginn d'Nimm vun den designéierten „Opérateurs de services essentiels" net publizéiert.

2. *Wéivill Organisatioune sinn zu Lëtzebuerg als Services numérique klassifizéiert ginn? :*

D'Gesetz gesäit bei den „Fournisseurs de services numériques" (op englesch Digital Service Provider - DSP) keng Prozedur vir, an iwwerléisst et den Autoritéiten (je no Type vu Service entweder den ILR oder d'CSSF) hir eege Prozedur, wéi se virgoe wëllen, festzeleeën. Aneschters wéi bei den OSE, ginn d'DSPen net offiziell désignéiert. D'Autoritéiten sinn a Kontakt mat den Entitéiten déi vun dësen Dispositiounen betraff sinn.

3. *Wéi sinn d'Nimm vun de klassifizéierten DSPen?*

Och hei ginn d'Nimm net publizéiert, a wéi gesot ginn och keng DSPen klassifizéiert.

4.
- *Wei kann den ILR seng Aufgab ouni Auditten am Sënn vum Artikel 15 (3) vun der Direktive vollzéien?*
- *Wéi vill Budget gouf dem ILR am Kontext vun der Direktive an dem Gesetz fir dës Missioun zougesprach ?*
- *Sinn an deem Budget d'Ressourcë fir d'Realiséierung vun Auditte mat budgetéiert oder net?*
- *Falls jo, wéi vill Sue goufen am Budget fir d'Auditte virgesinn a goufen eventuell scho gebraucht?*
- *Falls nee, firwat net?*

Fir d'Ëmsetzung vum Artikel 15 (3) vun der Direktiv sinn Auditen net zwéngend néideg. Auditen sinn och ëmmer just eng Momentopnam. Et geet drëm fir Sécherheetsmesuren ëmzesetzen, dëst mécht den ILR op eng kollaborativ Aart a Weis, andeems eng Plattform fir Risikoanalys (SERIMA – Security Risk Management) zur Verfügung gestalt gëtt, an Operateuren en continu kënnen un de Sécherheetsmesuren schaffen. D'Risikoanalys an d'Sécherheetsmesuren mussen regelméisseg dem ILR matgedeelt ginn. D'Plattform SERIMA gëtt an Zesummenaarbecht mat den Opérateuren ausgeschafft.

Den Artikel 00.8.41.015 aus dem Staatsbudget 2020 gesäit 1.010.000 € vir fir den ILR fir d'Ëmsetzung vum Gesetz vum 28 Mee 2019. Dëst Joer huet den ILR keng Audite geplangt, deemno ass och kee Budget dofir virgesinn. Auditen kennen an enger zweeter Phase applizéiert ginn. Den Ament ass et virrangeg, fir kollaborativ mat den Opérateuren e gemeinsamen Sécherheetsniveau opzebauen (SERIMA Plattform).

5. *Wéi vill substantiell Incidenten goufe bis dato un d'CSSF & den IRL gemellt?*

Bis dato goufen weder dem ILR nach der CSSF Incidenten an dësem Kader gemellt.